N°1935
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1935 vum honorabelen Deputéierte Marc Spautz**

**Ad 1)**

| ***Schouljoer*** | ***Unzuel u Léierverträg, déi opgeléist goufen*** |
|---|---|
| 2019-2020 | 952 |
| 2020-2021 | 966 |
| 2021-2022 | 1.061 |
| 2022-2023 | 1.053 |
| 2023-2024 | 1.044 |

**Ad 2)**

Déi global Unzuel vun de Schoulofbriecher gëtt fir all Schouljoer am Rapport *Jeunes décrocheurs et jeunes inactifs au Luxembourg* publizéiert. Opgeschlësselt pro Joer presentéiert sech d'Situatioun op follgend Manéier:

- 2019/2020: 1.473 Schoulofbriecher bei 21.155 Schüler ouni Schoulflicht → Taux: 7,0 %
- 2020/2021: 1.746 Schoulofbriecher bei 21.249 Schüler ouni Schoulflicht → Taux: 8,2 %
- 2021/2022: 1.767 Schoulofbriecher bei 21.807 Schüler ouni Schoulflicht → Taux: 8,1 %
- 2022/2023: 1.716 Schoulofbriecher bei 22.558 Schüler ouni Schoulflicht → Taux: 7,6 %
- 2023/2024: 1.884 Schoulofbriecher bei 22.973 Schüler ouni Schoulflicht → Taux: 8,2 %

D'Europäesch Kommissioun huet den Zilwäert fir d'Schoulofbréch op ënner 9 % fixéiert. Laut *Eurostat* louch den europäeschen Duerchschnëtt am Joer 2023 bei 9,8 %.

Den nächste Rapport *Jeunes décrocheurs et jeunes inactifs au Luxembourg* iwwert d'Schouljoer 2023/2024 wäert ugangs Mee erauskommen. Mat deem Rapport wäert och eng méi detailléiert Analys vum Schoulofbroch virleien, fir ze verstoen, firwat den Taux eropgaangen ass.

**Ad 3)**

D'Haaptgrënn fir d'Schoulofbréch sinn och am Rapport *Jeunes décrocheurs et jeunes inactifs au Luxembourg* dokumentéiert. Déi dräi meeschtgenannte Grënn vun de Jonken, déi d'Schoul oder hir Ausbildung ofbriechen, sinn:

1. *„Ech hunn een neie schoulesche Projet am Ausbléck."*
2. *„Ech hunn een neie beruffleche Projet am Ausbléck."*
3. *„Ech hunn kee Léierbetrib / keng Beruffsschoul fonnt."*

Fir dës Schoulofbréch ze begleeden, gëtt e strukturéierte Suivi duerchgefouert:

- Wann e Schüler net méi schoulflichteg ass a mat der Schoul ophale wëll, muss hien eng *Fiche de désinscription* a sengem Lycée ufroen.
- Ier dës Fiche ausgestallt gëtt, gëtt dem Jonken e Gespréich mam Service psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS) ugebueden. Hei gëtt ënner anerem analyséiert, wat d'Grënn fir d'Ofbrieche sinn a wéi eng Alternativen existéieren.
- No dem Gespréich mam SePAS gëtt d'*Fiche de désinscription* ausgestallt, an den Austrëtt ass offiziell.

De weidere Suivi funktionéiert esou:

1. De Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) erstellt all Mount eng Lëscht vu Jonken, déi de Schoulsystem ouni Diplom verlooss hunn.
2. De SCRIPT ënnerscheet tëscht zwou Kategorien:

    - Schüler déi schoulflichteg sinn; dës Schüler gi vun der Direction générale de l'enseignement secondaire kontaktéiert an ënnerstëtzt, fir zeréck an d'Schoul ze goen.
    - Jonker, déi net méi schoulflichteg sinn; dës ginn duerch d'Divisioun Soutien à la transition vers la vie active vum Service national de la jeunesse (SNJ) kontaktéiert.

3. De Suivi vum SNJ besteet aus verschiddenen Etappen:

    - Am Bréif, deen all betraffene Jonken, respektiv seng Elteren, wann e mannerjäreg ass, systematesch geschéckt kritt, bitt den SNJ eng Ënnerstëtzung un, fir en neie berufflechen oder schoulesche Projet ze definéieren. De Jonke kritt d'Méiglechkeet, e Rendez-vous an engem vun den 11 lokalen Antennen (Bureau) vum SNJ ze huelen.
    - Am Fall, wou de Jonken net op de Bréif reagéiert, geet den SNJ-Agent proaktiv op de Jonken duer (telefonesch, per SMS, E-Mail) a bitt iwwer déi verschidde Weeër Hëllef un.
    - De Jonken, deen d'Hëllef an Usproch hëlt, gëtt sou laang vun engem Agent betreit, bis eng Léisung fonnt gëtt. Dat kann e Retour an d'Schoul oder eng Ausbildung sinn, e Stage, eng Aarbecht oder eng Alternativ zur Inaktivitéit, wéi z. B. e Fräiwëllegendéngscht oder en Atelier vum SNJ.

**Ad 4)**

D'Promotioun vun der Beruffsausbildung gëtt aktuell via d'*YEP!-Schoulfoire* an d'Promotioun vun de Beruffer duerch d'Maison de l'orientation gemach. Am Regierungsprogramm ass och eng Campagne commune fir d'Stäerken vun der Beruffsausbildung zesumme mat eise Partner virgesinn. Dës Campagne ass aktuell amgaang, ausgeschafft ze ginn.

**Ad 5)**

De Suivi vun der patronaler Ausbildung an de Formatiounen, déi ënner Léiervertrag oflafen, gëtt vun de Conseillers à l'apprentissage assuréiert. Och musse Betriber den „droit de former" kréien, fir dierfen auszebilden. Dofir mussen si Konditiounen erfëllen, déi am Code du travail fixéiert sinn.

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH